


# SYN ER GIE

Juli 2021 / n°62

De Regionalmagazine Atert-Wark vum Kanton Réiden

KANTON RÉIDEN



# ÄDDI MARCO …

De 7. Juni vun dësem Joer hu mir déi traureg Noriicht vum Marco Assa sengem Dout kritt. Och wann ee wousst, dass de Marco schwéier krank war, huet déi Gewëssheet een immens traureg gemaach.



Mat 23 Joer ass de Marco den 10. Oktober 1999 eng éischte Kéier an de Waler Gemengerot gewielt ginn. Als jonken, kritischen a motivéierte Conseiller huet hien sech schnell mat der Gemengepolitik familiariséiert an sech an d'Matièren ageschafft. Bei de Gemengewalen am Hierscht 2005 ass hien als Éischtgewielten aus der Course gaangen an huet doropshin ee Schäffeposte wärend der nächster Mandatsperiod iwwerholl. Gläichzäiteg ass hien ënnert anerem Gemengevertrieder am Syndikat vun der Réidener Schwämm ginn. Sechs Joer méi spéit sollt hien nees dee beschte Score maachen a gouf vum Gemengerot zum Buergermeeschter bestëmmt. Vun do un huet hien d'Waler Gemeng och am Syndikat Kanton Réiden vertrueden. An der Réidener Schwämm ass hien 2013 zum President gewielt ginn. Bei de Gemengewalen am Hierscht 2017 gouf hien nees confirméiert a war motivéiert, mat enger deels neier Ekipp d'Erausfuerderungen unzehuelen. Bis zu deem Zäitpunkt, wou hien seng schrecklech Diagnos krut an aus verständleche Grënn vu senge politische Posten zréck getrueden ass, fir sech Zäit fir seng Famill an de Kampf géint seng Krankheet ze huelen. Hie wollt sech bewosst ee Stéck Liewensqualitéit erhalen.

Fir d'Gemeng Wal war dee Schockmoment am Fréijoer 2018 ee ganz haarden. Gären hätt déi nei Ekipp am Schäffen- a Gemengerot weiderhin op d'Erfarung a Kompetenz vun engem vun hiren Dingschteelste gezielt an huet sech situatiounsbedéngt missen nei opstellen.

An enger rezenter Waler Uucht ware mir schonn emol op eng ganz Rei Projeten agaangen, déi de Marco a senger Amtszäit begleet, lassgekappt oder ëmgesat huet. Een deen him besonnesch um Häerz louch war sécherlech de Bau vun der neier Schoul a Maison Relais zu Gréiwels fir déi hie vill Zäit an Energie an déi ganz Planungsphas investéiert huet. Am Januar vun dësem Joer, kuerz virun der „Rentrée" um neie Site, konnt hien sech de sougenannte „Campus Nei Brasilien" zesumme mat senger Fra Martine, sengem Meedche Léini an der Buergermeeschtesch Christiane Thommes-Bach ukucke kommen. Mat Recht konnt hien stolz drop sinn an huet deemols och seng Freed zum Ausdrock bruecht.

E Samschdeg, den 12. Juni hu mir dem Marco zu Randschelt an enger emotionaler an ergräifender Trauerzeremonie Äddi gesot.

Bei dëser Zeremonie ass Villes ugeklongen, wat de Marco ganz gutt beschreift.

Sou war hie kee konventionelle Politiker. Éischter ee mat Ecken a Kanten, ee mat deem nit ëmmer gutt Kiischten iesse war, dee seng Prinzippien a seng Linn hat an Argumenter bruecht huet fir seng Iddien











an Iwwerzeegunge weiderzebréngen an dobäi d'Leit um Terrain mat an d'Boot geholl huet. Niewent der Waler Gemeng war d'Zesummenaarbecht op regionalem Plang him ee wichtegt Uleies an hien huet mat gehollef eng ganz Rei Projeten an de Syndikater Kanton Réiden a Réidener Schwämm virun ze bréngen.

Déi sozial Oder déi hien dobäi oft hat, kënnt warscheinlech aus senger fréierer Zäit an de Scouten a virun allem aus sengem Beruff als Educateur wou hien a verschiddene Beräicher mat Mënschen mat enger Behënnerung, Kanner a Jugendleche geschafft huet a wann een esou nolauschtert héiert een, dass hien sech gutt konnt an d'Leit eraversetzen an déi néideg Gedold matbruecht huet fir hinnen am Liewe weider ze hëllefen.

Do dernieft hat hien e puer grouss Leidenschaften. Ugefaange mam Fussball, wou hie wuel manner ee brillante Spiller war, awer als Fan mat sengem blo-wäissen Häerzensveräin Héichten an Déifte matgemaach huet an em ëmmer trei bliwwen ass well e sech mat de Grondwäerter vun dësem Veräin identifizéiere konnt. Dann den Theater, wou hie selwer gär op den Duerfbüne stoung fir dono Regie ze féieren a selwer Theaterstécker ze schreiwen. Last but not least war d'Suerg em seng Famill a seng Kanner, déi duerch dat politischt Engagement och alt emol ze kuerz koumen, beim Marco ganz grouss.

Bei allem Engagement war de Marco virun allem ëmmer een immens gesellege Mënsch deen de Kontakt mam Bierger gesicht huet a wousst wéini geschafft a wéini gefeiert soll ginn. Duerch seng direkt a jovial Manéier a säin onverwiesselbaren Humor gouf et engem mat him ni langweileg, sief et op méi steiwe Receptiounen oder beim einfache Patt, deen hien ongär stoe gelooss huet.

**Merci Marco fir all däin Asaz fir d'Waler Gemeng a fir d'Syndikater aus der Regioun! Du bass sécher nit vergiess…!**

# SOMMAIRE

## IMPRESSUM

*Rédaction, direction artistique, illustration, mise en page & suivi de production*
Art & Wise s.à r.l.

*Editeur responsable*
Art & Wise s.à r.l.

*Impression*
Imprimerie Reka s.a.

*Renseignements & réservations*
T 23 62 43-20
info@artandwise.lu

© Art & Wise s.à r.l.

Tous droits réservés. Toute reproduction, ou traduction, intégrale ou partielle, est strictement interdite sans autorisation écrite au préalable de l'éditeur.

*Prochaine parution*
Septembre 2021

*Clôture annonce*
Mi-août 2021

*Tirage*
12.290 exemplaires

Magazine régional d'information bimestriel édité par Art & Wise s.à r.l. en collaboration avec le Syndicat Intercommunal „Kanton Réiden" et le Groupe d'Action Locale Leader Atert-Wark.

Fonds européen agricole pour le développement rural: l'Europe investit dans les zones rurales.

1 **ÄDDI MARCO ...**

4 **LEADER-PROJET SLOW TRIPS ZÄIT FIR LAND A LEIT**

8 **DÉI SCHÉINSTE WANDERWEEËR AN DER REGIOUN GUTTLAND: D'GUTTLAND.TRAILS**



13 **VËLO AM KANTON RÉIDEN**

14 **GROUSS ÄNNERUNGE BEI EISE BUSLINNEN**

21 **D'BIEKERICHER MILLE FEIERT!**

22 **ENG ZÄITREES DUERCH DE WËLLE WESTEN**



23 **SAFARI AM WËLLE WESTEN**

24 **GEWÄSSERVERTRAG ATTERT LIESEN ASS GESOND**



26 **ENEGIEATELIER GRATIS ENERGIEBE-RODUNG FIR D'BIERGER AUS DEM KANTON RÉIDEN**

30 **DE FUEDEM DEEN EIS VERBËNNT!**

32 **#MERTZIG4ALL - NEI SCHOULENTWÉCKLUNG ZU MÄERZEG**



34 **BIKE4ALL ALLES OP DE VËLO AM WAARKDALL**

38 **OH MENG MODI OP DER SICH NOM JOSEFIN**

42 **AGENDA**


slow
trips

## LEADER-PROJET SLOW TRIPS

# ZÄIT FIR LAND A LEIT

„Zäit fir Land a Leit" ass de Slogan vum aktuell gréissten europäesche LEADER-Projet „Slow Trips – European Slow Travel Experiences". 9 Regiounen hunn sech zum Zil gesat nei touristesch Offeren auszeschaffen, déi dozou alueden déi verschidden Destinatiounen, hir Kultur an hir Awunner op eng nohalteg Aart a Weis z'entdecken. Säit 2019, schafft de regionalen Tourismusverband Zentrum/Westen zesumme mat Partner aus Éisträich, Däitschland, Italien, Litauen, Schweden a Lëtzebuerg un dësem Projet.

Bei de Slow Trips Erliefnisser geet et drëm d'Komfortzon z'erweideren, sech bewosst Zäit ze huele fir d'Alldagskultur vun der Destinatioun z'entdecken, z'entschleunegen an an engem aneren Doheem unzekommen. Mam Bauer een Dag op sengem Betrib oder senge Felder verbréngen, traditionell Rezepter mat lokale Produite kachen, verstoppte Plazen am Bësch entdecken, déi just d'Awunner kennen...Dat si just e puer Offeren, déi elo schonn op www.slowtrips.eu ugebuede ginn. Déi lokal Alldags- a Liewenskultur a virun allem d'Leit stinn am Zentrum vun dësen Offeren. Den direkten Echange erméiglecht, datt ee vun deem anere léiert an d'Gäscht d'Erklärunge souwéi regional Anekdoten, Mythen oder Legenden aus éischter Hand erzielt kréien. All Erliefnes gëtt esou nohalteg wéi méiglech ausgeschafft. D'Nohaltegkeet bezitt sech dobäi op déi dräi Volete vun der ekonomescher, sozialer an ekologescher Verantwortung.

Bei dëser Geleeënheet wëlle mir Iech ee kuerzen Abléck ginn, wéi eng Offeren Dir bis ewell an der Regioun Zentrum/Westen erliewe kënnt.

Zesumme mam Georges Krack, geléierten Agraringenieur, bidde mir 2 Dagestier bei d'Produzenten aus eiser Regioun un. Wärend dem „Meet the local food producers" Tour, maachen eis Acteuren, esou wéi zum Beispill den Imker oder de Bauer, hir Dieren ausnamsweis fir Iech op a loossen Iech ee Bléck hannert d'Kulisse werfen. Mat Leidenschaft stellen si sech an hire Betrib vir a bréngen Iech hier Produite méi no. Beim ofwiesslungsräiche Brennerei-Tour hëlt de Georges Krack Iech da mat op eng héichprozenteg Entdeckungsrees. 2 bis 3 lokal Brennereie freeën sech op Äre Besuch. Fir d'Regioun mat allen Sënner kënnen z'erfaassen, dierf eng Degustatioun natierlech net feelen. Wéi eng 2 - 3 lokal Acteuren Dir am Kader vun dësen 2 Dagestier besicht, variéiert jee no Saison a jee no Disponibilitéit. D'Mëttegiesse wäert Dir an engem lokale Restaurant genéissen. Ofgeronnt ginn dës Dagestier mat deem engen oder aneren Tëschestopp op wonnerschéine Platzen an der Regioun.








Eis nächst Offer hëlt Iech mat op Klengbetten. Ënnert professioneller Leedung kënnt Dir un enger Béierdegustatioun mat uschléissendem 4-Gänge-Menü mat lokale Produiten deelhuelen. Am traditionelle Restaurant „de Bräiläffel“ freet sech den Ralph Schmitt, diploméierte Béier-Sommelier, Iech unhand vun enger Demonstratioun ze weisen, wat ee genee ënnert dem Begrëff „Béierstachelen“ versteet.

Obwuel Randschelt dat klengsten Duerf aus dem Land ass, gëtt et hei ëmsou méi z’entdecken. Wärend dem Rondgang mat eisem lokale Guide erwaarden Iech eng roueg Natur, eng spannend Geschicht a flott Anekdoten. Fir Ofwiesslung ass gesuergt an zum Schluss erwaart Iech nach eng kleng Iwwerraschung ...

Bis de Spéitsummer wäerte mir zwou weider flott Offere kënnen ubidden.

Zu Useldeng wäert Dir deemno vum Emma Wolff, besser bekannt ënnert dem Numm „Dollarmatti“, begréisst ginn. Keen anert kennt d’Buerg esou gutt wéi si. Schliisslech huet si sech scho mat 18 Joer gesot, datt si d’Useldenger Buerg eemol kafe géing, sollt si an Amerika hiert Gléck fannen. Dës Visitt riicht sech u grouss a kleng.

Zu Biekerech huele mer Iech owes, wann et ufänkt däischter ze ginn, mat op de Schmugglertour. Zesumme mat eisem lokale Guide geet et a Richtung Bësch, deen op der lëtzebuergesch-belscher Grenz läit. Bei dësem Tour erwaarden Iech spannend Anekdoten aus vergaangener Zäit an Dir gitt gewuer, firwat d’Schmuggelen zäitweis iwwerliewenswichteg war. Awer opgepasst: Loosst Iech nëmmen net erwëschen!





Wann Dir méi iwwert dësen europäesche Projet „Slow Trips – European Slow Travel Experiences“ wëllt gewuer ginn a vläicht souguer selwer esou ee Slow Trip bei eis an der Regioun oder an enger vun eise Partnerdestinatioune wëllt testen, da kuckt hei laanscht www.slowtrips.eu. Och op Facebook gitt Dir reegelméisseg iwwert déi neisten Entwécklungen an dësem Projet um Lafende gehal.

*Du temps pour découvrir le pays et ses habitants. Dégustez votre voyage en toute lenteur, un calme plaisir sans stress. Tous ces critères sont garantis dans les nouvelles offres touristiques, qui ont été élaborées dans le cadre du projet LEADER „Slow Trips“. Pour plus d’informations, visitez le site web www.slowtrips.eu ou la page Facebook.*

slowtripseurope






Visit Guttland

slow trips

**Office Régional du Tourisme Centre/Ouest Luxembourg**

B.P. 150
L-7502 Mersch
T 28 22 78 62
info@visitguttland.lu
www.visitguttland.lu

**Slow Trips - www.slowtrips.eu**

Zeit für Land und Leute. Transnationales Kooperationsprojekt (Leader) für Slow Travel Erlebnisse.

Le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg
Ministère de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural
Fonds européen agricole pour le développement rural: l'Europe investit dans les zones rurales.


Guided Summer Tours
DU 26 JUILLET AU 11 SEPTEMBRE
Visit Guttland
Découvertes jour & nuit
La participation à un grand nombre de visites pour enfants et adultes est gratuite.
Réservation obligatoire. Places limitées selon les mesures sanitaires en vigueur.
Programme complet sur:
www.visitguttland.lu
VisitGuttland @visitguttland



# DÉI SCHÉINSTE WANDERWEEËR AN DER REGIOUN GUTTLAND:

# D'GUTTLAND.TRAILS

Ofgeleeë Fielsformatiounen, onberéiert Bëscher a Wisen, verbuerge Baachen a Weieren, wonnerschéin Ausssichten … D'Guttland huet sou munches ze bidden an hält déi eng oder aner schéi Plaze fir Iech bereet, déi nëmmen dorop waarden entdeckt ze ginn.

## Genosswanderen an der Regioun Zentrum/Westen

De regionalen Tourismusverband Zentrum/Westen, a béid LEADER Aktiounsgruppen Atert-Wark a Lëtzebuerg West, ewéi och d 'Gemengen an déi lokal Veräiner schaffen zesummen dorun d'Regioun touristesch weider ze stäerken an den Awunner wei och dem Tourist eng attraktiv Offer un Wanderweeër ze bidden.

Déi éischt Viraarbechte fir dëse Projet hunn schonn 2016 ugefaangen an am Kader vun engem LEADER-Projet goufen iwwer 1.300 km Wanderweeër an der Regioun Guttland analyséiert. Dës Analysen hunn gewisen, dass et eng Réi flott, kuerz Rondwanderweeër an der Regioun ginn, déi besser valoriséiert musse ginn. D'Decisioun sech op méi kuerz Tier, vun engem halwen oder engem ganzen Dag, ze konzentréieren huet sech an de leschten zwee Joer nach emol bestätegt: Duerch d'Pandemie fannen ëmmer méi Leit de Wee an d'Natur a wëllen deen een oder anere flotten Dagesausfluch maachen.

Den däitsche Wanderverband vergëtt fir sou kuerz Weeër, déi bis maximal 20 km laang sinn, e Qualitéitslabel. D'Guttland wäert déi éischt Regioun ausserhalb Däitschland ginn déi sou e Label kritt. Dëse Qualitéitslabel ënnerscheet tëscht 8 Thematiken: Traumtour, Kulturerlebnis, Naturvergnügen, Familienspaß, regionaler Genuss, Komfortwandern, Winterglück a Stadtwanderung, woubäi all Thematik seng ganz eege Critèren erfëlle muss.





## Les Guttland.Trails

*Les 3 premiers sentiers de randonnées sous le label Guttland.Trails du futur réseau des plus belles et des plus sécurisées randonnées de la région Guttland seront balisés au cours de l'année 2021. Parfait pour une excursion d'une demie ou d'une journée en pleine nature!*

*Vous voulez plus d'informations sur les futurs Guttland.Trails?*

*Rendez-vous sur notre page facebook: facebook/Guttland.Trails*

Guttland.Trails

Visit Guttland

**Office Régional du Tourisme Centre/Ouest Luxembourg**

B.P. 150
L-7502 Mersch
T 28 22 78 62
info@visitguttland.lu
www.visitguttland.lu

Le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg
Ministère de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural

Fonds européen agricole pour le développement rural: l'Europe investit dans les zones rurales.

Guttland.Trails

Mam Startschoss bei eis an der Regioun sollen dës kuerz Qualitéitsweeër och op en internationalen Niveau bruecht ginn: D'ERA (European Ramblers' Association) huet Decisioun geholl dass d'Regioun Guttland mat dësem Projet Pilotregioun fir e neien internationale Label „Leading Quality Daywalks – Best of Europe" soll ginn, wat eng enorm Chance fir eis Regioun duerstellt.

## De Startschoss fir d'Guttland.Trails

Zanter e puer Joer gëtt aktiv un der Entwécklung vun dëse Weeër geschafft. Ugefaange mat der Analyse vun de bestoende Weeër a ganzer 28 Gemengen, Zréckbehale vu potentielle Weeër, bis hin zur Selektioun vun dräi Weeër di an enger éischter Phase sou ee Qualitéitslabel solle kréien. Parallel dozou sinn d'Aarbechten am Marketing Volet op Héichtoure gelaf: Wéi sollen dës Weeër heeschen? Ënner wéi engem Motto sollen dës Weeër entstoen?

D'Regioun Guttland eegent sech perfekt fir de Slow Tourismus, a genee dat sollen di zukünfteg Qualitéitsweeër och ausstralen. Et soll e Genosswandere sinn, wou een zur Rou kënnt, d'Natur genéissen an erliewe kann. No laanger Zesummenaarbecht a Recherche ass Decisioun gefall. Den offiziellen Numm soll sech aus Englesch wei och Lëtzebuergesch zesummesetzen: D'Guttland.Trails. Woubäi all Wee säi ganz eegene lëtzebuergeschen Numm kritt, ewéi zum Beispill de „Siwe Brécke-Wee" zu Rëmmerech.

Startschoss setzen 3 Weeër: 1 Wee an der Leader-Regioun Atert-Wark, en aneren an der LEADER-Regioun Lëtzebuerg West an en drëtten ausserhalb de LEADER-Regiounen awer an enger Membergemeng beim Tourismusverband. D'Zil vun dësem LEADER-Projet ass et 5 bis 10 Weeër bis Enn 2022 zertifizéieren ze loossen.

## Qualitéit a Sécherheet op de Wanderweeër an der Regioun Guttland

Net all Wee erfëllt déi héisch Usprëch vun sou enger Zertifikatioun, mee déi sinn dofir net manner schéin. Aus deem Grond huet den Tourismusverband zesumme mat lokalen Acteure Mindestcritèrë fir Wanderweeër opgestallt, wou Thema Sécherheet en essentielle Punkt duerstellt. Sinn dës Mindestcritèren erfëllt kann deemno de Wanderwee de Numm Guttland.Trail kréien, och ouni Zertifikatioun.

## Wanderschong strécken a lass geet et

Déi éischt dräi Wanderweeër sollen am Laf vum Joer 2021 ëmgesat ginn. Fir ëmmer um leschte Stand vun der Entwécklung vun dëse Weeër ze si kënnt Dir Iech op der Facebook Säit facebook/Guttland.Trails ëmmer déi lescht Informatioune siche goen.



Ech loosse mech
impfen!
... fir op dat weesentlecht zeréck ze kommen.
René Mathieu
MYROOTS
RENE MATHIEU
LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
covidvaccination.lu
Helpline Santé
247-65533
Maacht mat
a schéckt
Är Foto eran!

**24€**
**Dag**

Pedelec
E-bike

VISITATERTWARK

## PROFITÉIERT VUN EISEM VËLOSNETZ A LOUNT IECH EEN E-BIKE!

**JUNI-SEPTEMBER 2021**

TouristInfo Atert-Wark
1, am Millenhaff, L-8706 Useldange
+352 23 63 00 51 28 // info@visitatertwark.lu
www.visitatertwark.lu

## PICKNICK OP DER USELDENGER BUERG MAT IESSEN WÉI AM MËTTELALTER

**JULI-AUGUST 2021**

Kombinéiert Äre Vëlos-Tour mat engem leckeren Picknick

**RESERVATIOUN:**
buerg@useldeng.lu
+352 23 63 00 51 29

**22€**
**Persoun**

BUERG USELDENG

Péitche Lauer

Reservatioun mindestens 1 Dag am Viraus.
Eng vegetaresch Optioun ass méiglech.

# VËLO AM KANTON RÉIDEN

## Gitt Member am neie Facebookgrupp vum Kanton Réiden



D'Vëlosnetz am Kanton Réiden wiisst stänneg. Dofir ass elo eng nei Facebookgrupp fir Vëlosfrënn gegrënnt ginn. Hei ka nitt nëmme matgedeelt ginn, wou e Problem besteet, mee och Verbesserungsvirschléi, Iddien an Erfarunge gepost ginn. De Grupp soll gläichzäiteg och eng Motivatioun sinn, fir esou vill wéi méiglech Leit op de Vëlo ze kréien. Dëse Grupp entwéckelt sech, hoffentlech duerch vill nei Memberen, zu enger flotter Plattform, wou Vëlosfrënn sech austauschen a géigesäiteg motivéiere wäerten. De Grupp hëlleft dem Kanton Réiden awer och, fir d'Infrastruktur am A ze halen a reegelméisseg ze verbesseren. Wichteg sinn zum Beispill folgend Informatiounen:

- **Vëlos-Schëlder, déi ëmgefall sinn oder net kloer verständlech sinn**
- **nei Verbindungsvirschléi**
- **geféierlech Situatiounen**
- **flott Vëlostier**
- **soss Iddie fir eist Nëtz méi sécher an attraktiv ze maachen**
- **organiséiert Tier an Aktiouen**

Mir freeën eis op Äert Matwierken a wënschen Iech vill Freed um Vëlo an eisem Wëlle Westen.

velowellewesten

KANTON RÉIDEN

**Syndicat Intercommunal Kanton Réiden**
Maison Worré
11, Grand-Rue
L-8510 Redange/Attert
T 28 33 40 40
caroline.schmit@kanton-reiden.lu
www.kanton-reiden.lu


RAMASSAGE
SCOLAIRE

# GROUSS ÄNNERUNGE BEI EISE BUSLINNEN

## CHANGEMENTS MAJEURS SUR NOS LIGNES DE BUS

Den 9. Mee si gréisser Ännerunge bei verschidde Buslinnen an eisem Kanton ëmgesat ginn. T'ass déi éischt Phas vun der RGTR-Reform, déi komplett Ëmsetzung wäert dëse Wanter ofgeschloss sinn. Leider kommen net all Ännerungen eisen Awunner entgéint.

Besonnesch d'Upassung vun der Linn 250, déi säitdeem net méi bis op d'Stäreplaz fiert, mee nëmmen nach bis op Klengbetten a Sterpenech. Dat huet bei ville Busnotzer aus eisem Kanton zu grousser Onzefriddenheet gefouert.

D'Gemenge Biekerech an Ell hunn viru kuerzem een Appell un hier Bierger gemaach, fir vun hinnen genee Informatiounen iwwert divers Problemer ze kréien, mat denen d'Busnotzer elo ze kämpfen hunn. Eng bal 40 Réckmeldunge sinn erakomm an ausgewäert ginn. Ee ganz grousse Punkt ass, dass d'Korrespondenzen op de Bus zu Habscht oder Stengefort, respektiv op den Zuch zu Klengbetten, wéinst Retarde vun der Buslinn 250 net klappen. Dëst féiert zu grousse Waardezäiten an natierlech vill méi laange Reeszäiten, wat net dozou bäidréit, dass d'Busfuere méi attraktiv gëtt. Owes ass d'Offer och manner grouss wéi virdrun, a kombinéiert mat den ongënschtege Korrespondenze kann et da sinn, dass een owes net méi heem kënnt. De Syndikat Kanton Réiden huet all dës Doleance mat an d'Gespréich mam Mobilitéitsministère geholl an et ass intensiv no Léisunge gesicht ginn. Ganz rezent huet de Ministère eis verséchert, dass eng nei Expresslinn (N°904) wäert ab dem 13. September 2021 agefouert ginn, déi vu Réiden iwwer Ell, Uewerpallen, Biekerech a Schweecherdaul wäert op d'Stäreplaz fueren. Et gëtt aktuell nach gekuckt, ob dës Linn iwwert de Wandhaff oder éischter iwwer Käerch an d'Domaine d'Olm op Mamer, Bartreng, Stroossen op d'Stäreplaz fuere wäert.

Ongléckleck ass de Moment och, dass d'Korrespondenz tëschent de Linnen 592 an 265 net iwwereneen ofgestëmmt ass. Dës ass doduerch bedéngt, dass d'592 eng nei Linn ass, déi schonn nom neie Fuerplang fiert an d'265-Linn awer nach net ugepasst ass. De Ministère ass alertéiert a sicht och hei no Léisunge fir kuerzfristeg dëse Problem z'entschäerfen.

*Le 9 mai, des changements majeurs ont été mis en place sur plusieurs lignes de bus de notre canton. Ces changements constituent la première phase de la réforme du RGTR. La mise en œuvre complète aura lieu cet hiver. Malheureusement, certains de ces changements ne répondent plus aux besoins de nos résidents.*

*En particulier, l'adaptation de la ligne 250, qui depuis a cessé de circuler jusqu'à la place de l'Etoile en ville, et ne dessert plus que Kleinbettingen et Sterpenich. Ceci a suscité un grand mécontentement chez de nombreux usagers.*

*Début juin, les communes de Beckerich et Ell ont lancé un appel à leurs citoyens pour obtenir des informations précises sur les problèmes rencontrés. Près de 40 retours ont été reçus et évalués. Une doléance récurrente est que la correspondance sur le bus à Hobscheid ou Steinfort, ou sur le train à Kleinbettingen, ne fonctionne souvent pas en raison des retards de la ligne 250. Cela entraîne de longs temps d'attente et bien sûr des temps de trajet beaucoup plus longs, ce qui ne contribue pas à rendre les transports publics plus attractifs. Un autre problème souvent mentionné est que l'offre de cette ligne est réduite les soirs, et combiné à la correspondance souvent peu favorable, on risque de ne pas pouvoir rentrer chez soi.*

*Le Syndicat du Canton de Redange a abordé tous ces problèmes à plusieurs reprises avec le Ministère de la Mobilité et des solutions ont été recherchées.*

*Le Ministère vient de nous assurer qu'une nouvelle ligne express (N°904) sera opérationnelle à partir du 13 septembre 2021, qui circule entre Redange, Ell, Oberpallen, Beckerich, Schweich jusqu'à la place de l'Etoile. Actuellement, le ministère est encore en train de voir si cette ligne vaut mieux aller via Koerich-Olm, ou via Windhof. La ligne 250 restera en place jusqu'à Steinfort/Kleinbettingen.*

*Une autre doléance est que la correspondance entre les lignes 592 et 265 n'est pas coordonnée. Ceci est dû au fait que la 592 correspond déjà au niveau régime (nouveau circuit et nouveau horaire), tandis que la ligne 265 n'est pas encore adaptée. Le Ministère est alerté de ce problème et cherche une solution à court terme.*





# Wat huet alles am Busnetz ab dem 9. Mee geännert?

## 250 Redange – Kleinbettingen – Sterpenich (B)

D'Linn 250 fiirt de Moment nëmme bis op Stengefort, Klengbetten a Sterpenech (IKEA). Fir déi, déi wéi gewinnt an d'Stad wëllen, bedeit dës Ännerung een Ëmklammen zu Habscht (Bus 248), zu Stengefort (Bus 222/230/248) oder zu Klengbetten (Zuch). Kuckt w.e.g. ëmmer op mobiliteit.lu, wat di passendst Verbindung ass, wëssend dass den 250 leider schonn oft um Wee Richtung Klengbetten/Sterpenech Retard hat an d'Korrespondenz op de Bus oder den Zuch net kann erreecht ginn. Loosst och w.e.g. genuch Sputt beim Changéieren um Réckwee, och hei entstinn oft Retarden op de Linnen 222, 230 an 248 Richtung Stengefort/Habscht.

De Kanton Réiden bedauert, dass dës Verbindung aktuell guer net benotzerfrëndlech ass! Elo musse mer Gedold hunn an op de September waarden, wann déi nei Expresslinn 904 (Réiden - Ell – Uewerpallen – Biekerech – Huewel, Ielwen – Schweech - …. – Stäreplaz) wäert agefouert ginn an Iech wéi gewinnt rëm ouni Ëmsteige bis op d'Stäreplaz féiert.

## 267 LUX, Stäreplaz – Mertzig

D'Préizerdauler Linn fiert ab elo vu Mäerzeg iwwer Groussbus, Préizerdaul, Räichel, Schweebecherbréck a Säll bis an d'Stad. Dëst Linn wäert ab Dezember N°911 genannt ginn. Hei ginn et elo och endlech méi Coursen owes an d'/aus der Stad.

## 295 Mersch – Michelbouch

Dës Linn fiert vu Miersch iwwer de Rouscht, Biissen (Steekräiz, Kiirch, Kräizung), Viichten (Hemeschbaach, Ohligsfeld, Schoul, Gemeng), Groussbus (Kiirfënt, Sprëtzenhaus, Op der Baach, Police), Mäerzeg (Wéchen, Eglise, Gemeng, Butzebierg) op Méchelbuch.

Et ass eng Course mat Depart zu Méchelbuch um 6:19 moies bäikomm.

## 437 Mersch Gare – Oberpallen

De Ministère ass dem Wonsch vun der Gemeng Biekerech nokomm an dës Linn fiert elo net méi nëmmen tëschent Säll an der Mierscher Gare, mee verlängert hier Faart op Schweebech (Bréck, Am Duerf), Kapweiler (Lavandier, Kapell), Kaalmes (Titzebierg, Wäschbur, Lannekneppchen), Éiner (Krier, Kapell), Ielwen (Gesanksbau), Näerden (Scheiweswies, Kiirfecht, Post), Hitten, Biekerech (Kiircheplaz), Liewel (Kalek) an Uewerpallen (Schnuddelbierg, Bréck). Dës Linn fiert tëschent 6:00 an 10:00 souwéi tëschent 17:00 an 20:00 all Stonn, soss all 2 Stonne bis 22:00.

## 445 Mersch – Redange

Dës Linn fiert vu Réiden – a leider net méi Atert Lycée - , Räichel (Hostellerie), Roudbaach, Iewerleng (Millen, Beim Engel), Useldeng (Raiffeisekees, Spuerkees), Béiwen (Gare, Helpert, Beim Wald, Lëtschert), Gréiweknapp (ënnschte Knapp, Riesenhaff), Openthalt, Recken (Barriär, Hosbich, Beim Bur) op Miersch (Réckenerstroos, Mierscher Stäreplaz, Gare). Dës Linn fiert an de Stousszäiten all 30 Minutten, soss all Stonn bis um 21:00/21:30. Duerno nëmmen nach um 23:00/23:30.

## 522 Ettelbruck Gare – Kuborn

Dës Linn fiert vu Kéiber op Brattert, Gréiwels (Ieweschten Eck, Zentrum, Enneschten Eck), Hierheck, Dellen, Mäerzeg (Internat), Nidderfeelen op Ettelbréck (Cité Lopert & Patton, Pl. du Marché, Apdikt Petry, Ecole Primaire a Gare). Hei gëtt et eng nei Course mat Depart vun Ettelbréck Richtung Kéiber um 15:24 (wiertes) an eng nei Course mat Depart vu Kéiber um 7:09 (wiertes).

## 592 Redange – Rambrouch – Redange (Gare, Bian, ALR)

Dëst ass eng nei Linn, déi am Krees fiert fir och déi Uertschaften unzebannen, déi am neie Netz soss net ugebonne wieren: Nojem, Lannen, Rued, Horas a Rëmmereg. Dës Linn fiert an den Haaptzäiten am Stonnentakt, soss am 2-Stonnentakt. Sonndes an d'Feierdeeg fiert se am 2-Stonnentakt.

## 595 LUX, Stäreplaz – Bigonville

Dës Linn fiert méindes bis samschdes all Stonn (Sonndes a Feierdeeg all 2 Stonnen) iwwer Bungeref (Knupp, Huelgaass, Am Duerf, Réimerwee, Kimm), Flatzbour, Riesenhaff, Kietscht, Rammerich (Schlass, Gare, Riesenknäppchen), Foulscht (Belle-Vue, Rammericherwee, Centre Culturel), Hueschtert (Folschterwee, Wäschbuer), Osper (Wäschbuer, Kiirch), Räichel (Molkerei), Schweebecherbréck, Säll an d'Stad.

## 620 Wiltz – Redange (via Pommerloch)

Vu Réiden fueren ab elo zwou Buslinnen op Wolz. D'Linn 620 fiert méindes bis samschdes all Stonn (Sonndes a Feierdeeg all 2 Stonnen) bis 20:45 (lescht Course: 22:45) vum Atert Lycée iwwert Hueschtert, Foulscht, Rammerich, Kietscht, Ueschdref, Bauschelt, Baschelt, Hareler Poteau, Béiwen/Stau, Pommerlach op Wolz.

## 622 Wiltz – Rambrouch

Dës Linn fiert méindes bis samschdes all Stonn (sonndes a Feierdeeg all 2 Stonnen) vu Rammerich iwwer Kietscht, Bungeref, Bauschelt, Baschelt, Syr, Harel, Donkels, Pommerlach op Wolz.

## 624 Wiltz – Redange (via Ospern)

Dës Linn fiert wiertes all Stonn (sonndes a Feierdeeg all 2 Stonnen) vu Réiden (Atert Lycée) iwwer Osper, Hueschtert, Foulscht, Rammerich, Kietscht, Bilschdref, Ueschdref, Bauschelt, Baschelt, Harel, Béiwen op Wolz.

## Wëllt Dir d'Fuerpläng vun Ärer Linn eroflueden?

## Gitt op: www.mobiliteit.lu Fahrpläne und Linien

Am Hierscht wäerte mir Iech iwwer all déi aner Ännerungen, déi an dëser Reform fir eis Regioun virgesi sinn, berichten. Spéitstens am Dezember wäerten och di 3 aner Express-Linnen (901/902/903) an eisem Kanton operationell sinn an all d'Fuerpläng ënnereneen ofgestëmmt sinn.

De P&R zu Schweebech wäert och am spéiden Hierscht (November) a Betrib goen. Dee Moment wäert den Takt vun dësem P&R an d'Stad an zréck däitlech méi héich sinn.

De Ministère huet eis och verséchert, dass de Stauproblem vum Bus um Bridel/Koplescht am neie Plan National de Mobilité eng ganz héich Prioritéit huet. Dëse Plang gëtt Enn des Joers virgestallt a mir wënschen eis, dass d'Ëmsetzung vun dëser Entlaaschtungsmoossnaam immens séier nokënnt. Nëmmen esou kann de Bus säi Fuerplang anhalen an zäitlech een Avantage vis-à-vis vum Auto opweisen.

Mir hoffen, dass mir geschwënn all d'Problemer kënne behiewe fir dass de Bus eng praktesch, zäitlech interessant an ekologesch Alternativ zum Auto gëtt. Probéiert et mol einfach eng Kéier aus a loosst eis wëssen, wéi et geklappt huet!

KANTON RÉIDEN

**Réidener Mobilitéitsatelier**
11, Grand-Rue
L-8510 Redange/Attert
T 28 33 40 40
klima@klima.lu





# Qu'est-ce qui a changé dans notre réseau de bus depuis le 9 mai?

## 250 Redange - Kleinbettingen - Sterpenich (B)

*Comme déjà mentionné, la ligne 250 ne dessert plus que Steinfort, Kleinbettingen et Sterpenich (IKEA). Pour ceux qui souhaitent se rendre comme d'habitude jusqu'en ville, ceci signifie un changement à Hobscheid (sur la ligne 248), à Steinfort (sur les lignes 222/230/248) ou à Kleinbettingen (sur le train). Consultez toujours mobiliteit.lu, pour savoir quelle est la connexion la plus appropriée, tout en sachant que la ligne 250 est malheureusement souvent retardée. Prévoyez également suffisamment de temps de changement pour le trajet du retour, étant donné qu'entre la ville et Steinfort/Hobscheid les retards s'accumulent aussi. Nous savons que cette connexion n'est actuellement pas du tout conviviale et nous attendons impatiemment la mise en place de cette nouvelle ligne express 904 qui desservira Redange – Ell – Oberpallen – Beckerich – Hovelange – Elvange – Schweich - ... - Place de l'Etoile à partir de la mi-septembre.*

## 267 LUX, Place de l'Etoite - Mertzig

*La ligne du Préizerdaul circule dorénavant entre Mertzig, Grosbous, Préizerdaul, Reichlange, Schwebach-Pont, Saeul et la Place de l'Etoile en ville. Cette ligne sera appelée 911 plus tard. L'offre des courses en soirée a finalement été augmentée.*

## 295 Mersch - Michelbouch

*Cette ligne relie Mersch via Roost, Bissen (Steekräiz, Kirch, Kräizung), Vichten (Hemeschbaach, Ohligsfeld, Schoul, Gemeng), Grosbous (Kiirfënt, Spritzhaus, Op der Baach, Police), Mertzig (Wéchen, Eglise, Gemeng, Butzebierg ) à Michelbuch. Une nouvelle course avec départ à Michelbouch à 6h19 du matin vient d'être introduite.*

## 437 Mersch Gare - Oberpallen

*Le ministère a répondu positivement à la demande de la commune de Beckerich en prolongeant cette ligne au-delà de Saeul vers Schwebach (Bréck, Am Duerf), Kapweiler (Lavandier, Kapell), Calmus (Titzebierg, Wäschbur , Lannekneppchen), Ehner (Krier, Kapell), Elvange (Gesanksbau), Noerdange (Scheiweswies, Kiirfecht, Post), Huttange, Beckerich (Kiircheplaz), Levelange (Kalek) et Oberpallen (Schnuddelbierg, Bréck). Cette ligne circule toutes les heures entre 6h et 10h et entre 16h et 20h et toutes les 2 heures les autres heures jusuq'à 22h.*

## 445 Mersch - Redange

*Cette ligne relie Redange (Gare, Bian, Schock - malheureusement plus d'Attert Lycée), Reichelange (Hostellerie), Roudbaach, Everlange (Millen, Beim Engel), Useldange (Raiffeisekees, Spuerkees), Boevange (Gare, Helpert, Beim Wald, Lëtschert), Grevenknapp (bouton inférieur, Riesenhaff), Openthalt, Reckange (Barriär, Hosbich, Beim Bur) à Mersch (Réckenerstroos, Place de l'Etoile, Mersch gare). Cette ligne circule toutes les 30 minutes aux heures de pointe, sinon toutes les heures jusqu'à 21h/21h30, après seulement à 23h/23h30.*

## 522 Ettelbruck Gare - Kuborn

*Cette ligne relie Kuborn à Brattert, Grevels, Hierheck, Dellen, Mertzig, Niederfeulen à Ettelbruck. Il y a une nouvelle course au départ d'Ettelbruck vers Kuborn à 15h24 (lu-ve) et une nouvelle course au départ de Kuborn à 7h09 (lu-ve).*

## 592 Redange - Rambrouch - Redange (Gare, Bian, ALR)

*Il s'agit d'une nouvelle ligne circulaire dans le Canton pour raccorder les localités qui autrement ne seraient pas connectées au nouveau réseau: Nagem, Lannen, Roodt, Horas et Reimberg. Cette ligne circule toutes les heures pendant les heures de pointe, sinon toutes les 2 heures. Les dimanches et jours fériés, elle circule toutes les 2 heures.*

## 595 LUX, Stäreplaz - Bigonville

*Cette ligne circule du lundi au samedi toutes les heures (dimanche et jours fériés toutes les 2 heures) via Bigonville, Flatzbour, Riesenhaff, Koetschette, Rambrouch, Folschette, Hostert, Ospern, Reichlange, Schwebach-Pont, Saeul et la ville.*

## 620 Wiltz - Redange (par Pommerloch)

*Désormais, deux lignes de bus relient Redange à Wiltz. La ligne 620 circule du lundi au samedi toutes les heures (dimanche et jours fériés toutes les 2 heures) jusqu'à 20h45 (dernière course: 22h45) depuis l'Atert Lycée Redange via Hostert, Folschette, Rambrouch, Koetschette, Arsdorf, Boulaide, Bascheleiden, Harlange Poteau, Boevange, Pommerloch à Wiltz.*

## 622 Wiltz – Rambrouch

*Cette ligne circule du lundi au samedi toutes les heures (dimanche et jours fériés toutes les 2 heures) de Rambrouch via Koetschette, Bigonville, Boulaide, Baschleiden, Surré, Harlange, Doncols, Pommerloch jusqu'à Wiltz.*

## 624 Wiltz - Redange (par Ospern)

*Cette ligne circule du lundi au samedi (dimanche et jours fériés toutes les 2 heures) de Redange (Attert Lycée) via Ospern, Hostert, Foulschette, Rambrouch, Koetschette, Bilsdorf, Arsdorf, Boulaide, Baschleiden, Harlange, Boevange jusqu'à Wiltz.*

## Vous souhaitez télécharger les horaires de votre ligne?

## Allez sur: www.mobiliteit.lu Horaires et lignes


*En automne, vous serez informés des autres changements planifiés par cette réforme pour notre région. D'ici fin décembre, les 3 autres lignes express (901/902/903) seront opérationnelles et tous les horaires seront mieux coordonnés.*

*Le P&R de Schwebach sera également opérationnel à la fin de l'automne (novembre). À ce moment-là, la cadence depuis ce P&R vers la ville sera nettement plus élevée.*

*Le ministère nous a également assuré que la résolution du problème de congestion à Bridel/Kopstal a une très haute priorité dans le nouveau Plan National de Mobilité. Ce plan sera présenté fin d'année, et nous espérons que la mise en œuvre de cette mesure d'allègement progressera très rapidement.*

*Nous espérons que tous les problèmes seront bientôt résolus afin que le bus devienne une alternative pratique, compétitive et écologique à la voiture.*

*Essayez-le et racontez-nous comment cela s'est passé!*



KANTON RÉIDEN

**Réidener Mobilitéitsatelier**
11, Grand-Rue
L-8510 Redange/Attert
T 28 33 40 40
klima@klima.lu




MKR
Musikschoul Kanton Réiden

# LÉIERT MUSIK BEI EIS

COURS:
FLÛTE TRAVERSIÈRE, HAUTBOIS, BASSON, SAXOPHONE, CLARINETTE, TROMPETTE, COR, TROMBONE, GROS CUIVRES, PERCUSSION, PERCUSSION LATINE, PIANO, KEYBOARD, ACCORDÉON, HARPE, VIOLON, VIOLONCELLE, CONTREBASSE, GUITARE, CHANT, JAZZ

NOUVEAU:
ART DRAMATIQUE
CHORALE POUR ENFANTS
THÉÂTRE POUR ENFANTS àpd 7 ans

INFO ET VIDÉOS
**WWW.EMCR.LU**

**École de Musique**
**du Canton de Redange**
1, rue du Lycée · L-8508 Redange/Attert
Tél: 23 62 08 76 · info@emcr.lu

# D'BIEKERICHER MILLE FEIERT!

10 Joer Millen a.s.b.l.
*10 ans d'activités sur le site du moulin de Beckerich!*





Um Weekend vum 26. a 27. Juni hunn op der Biekericher Millen d'Feierlechkeeten am Kader vum 10. Anniversaire Millen a.s.b.l. stattfonnt. De festleche Programm wor breet gefächert an huet Grouss a Kleng vill Freed gemaach. D'Millepättere woren um Dill mat hire flotten Aktivitéite ronnerëm d'Thema Holz a mat Virféierunge vun ale Filmer iwwert d'Biekericher Leit an hiren diverse Beruffer. D'Memberen an d'Personal vun der Millen a.s.b.l konnten an enger immens familiärer an heemlecher Atmosphär mat Ausstellungen iwwer Biekerich, enger Tombola a Family Games d'Gäscht begeeschteren. E besonneschen Highlight wor mat Sécherheet dat prächtegt Kannerkarussell, wat komplett vun Hand gemaach ginn ass an d'Kanner mat an eng Dramwelt geholl huet. D'Konzept ass esou gutt bei de Leit ukomm, datt elo scho feststeet, datt mir mat enger zweeter Editioun fir d'nächst Joer rechne kënnen, an der Hoffnung, datt dës dann endlech ouni Covid-Check ka stattfannen.

**Wéi et elo virugeet?** Ma t'kommen nach eng ganz Rëtsch flott Joren derbäi! Un Iddie feelt et der Millen a.s.b.l op alle Fall net. Aktuell gëtt fläisseg dru geschafft, déi kulturell Offer nees un d'Rullen ze kréien an de Leit nees ab September Workshops a Couren unzebidden (Kalligraphie, Fotografie, Bitzen, Djembe, afrikaneschen Danz, Molen a Meditatioun fir Senioren, ...). Selbstverständlech kënnen och nees Féierunge gebucht ginn. Zéckt op alle Fall nitt fir d'Millen a.s.b.l. z'ënnerstëtzen a Member ze ginn. Schreift Iech an fir d'Newsletter an informéiert Iech via d'Facebook- an Internetsäit: www.dmillen.lu.



*Les 26 et 27 juin derniers s'est déroulé l'anniversaire des 10 ans d'activités de l'asbl d'Millen sur le site du moulin de Beckerich. Au programme: des animations de nos Millepätteren (découpe de bois, diffusion d'anciens films, jeux en bois, ...) des stands, une grande tombola, le „p'tit manège fait main", un carrousel un peu fou, plusieurs expositions sur Beckerich et, le samedi, la première édition de nos Family Games, sorte de Jeux sans Frontières familial et amusant qui aura vu s'affronter pas moins de 9 équipes!*

*Vu le succès de cette édition et les retours positifs qui ont suivis, rendez-vous est déjà donné l'année prochaine pour la seconde édition! Il est à noter que cet événement était organisé sous le régime Covid-check, à la grande joie des participants ainsi que du public!*

*La prochaine saison de l'asbl d'Millen, quant à elle, s'annonce d'ores et déjà chargée avec, dès septembre, la reprise de nos cours (calligraphie, photo, couture, djembé, danse africaine, peinture et méditation pour séniors, ...), de nombreux ateliers, nos habituelles visites guidées et de très nombreux autres événements à venir! Pour tout renseignement, une seule adresse, notre site internet, à l'adresse suivante: www.dmillen.lu*

GEMENG BIEKERECH

d'millen

**D'Millen asbl**
Huewelerstrooss, 103
L-8521 Beckerich
T 23 62 21 -841/840
info@dmillen.lu
www.dmillen.lu

# ENG ZÄITREES DUERCH DE WËLLE WESTEN

100 Fotopannoe laanscht eis Vëlosweeër gi fantastesch Ablécker an d'Liewe vu fréier!




KANTON RÉIDEN

**Syndicat Intercommunal Kanton Réiden**
Maison Worré
11, Grand-Rue
L-8510 Redange/Attert
T 28 33 40 40
caroline.schmit@kanton-reiden.lu
www.kanton-reiden.lu

Et lount sech dëse Summer emol méi, fir déi 4 wonnerschéi Vëlostier vum Kanton Réiden op e „Neits" z'entdecken: grouss impressionant Fotopannoe mam Titel „Zäitrees duerch de Wëlle Westen" invitéiere fir stoen ze bleiwen. Si weisen op déi ënnerschiddlechst Manéieren d'Liewe vu fréier an eisem Kanton a versetzen Iech zréck an d'Kandheet vun eise Grouss- oder Urgrousselteren. Unhand vun dëse visuelle Pärele gi mir drun erënnert, wou mir hierkommen. Fréier wor sécher nitt alles besser awer och nitt ëmmer schlecht. Se reegen un, fir iwwert eist Konsumverhalen nozedenken, iwwert eisen aktuelle Liewensstil a Verbindung mam Verbrauch vu wäertvolle Ressourcen an vun eiser kostbarer Zäit. Wat sinn eis Wäerter, wat woren hir Wäerter? Wéi huet d'Zäit net nëmmen eis Gesellschaft, mee och eis Dierfer changéiert?

Vill Fotosmaterial staamt souwuel vum genialen a laang onentdeckte Fotograph Nicolas Molitor vu Bungeref (minutiéis opgeschafft vum Romain Gaspar vu Kleng-Elchert), wéi och aus dem Archive vun der Thillenvogtei vu Wal (Antoinette & Jang Ney) an aus der Kollektioun vum Tun Glaesener vu Réiden. Ganz vill Material ass och vu sëllege Privatpersounen erakomm, deene mir ee ganz grousse Merci ausdrécken.

Fir d'Panneauen ze gesinn, fuert eise 4 ausgeschëlderte Vëlostier no: Jhangeli (11 km), Dällchen (26 km), Wisen (36 km) an eisem neie Grenztour - ab Hierscht 2021 - (30/52 km).

**Méi Info:** www.visitguttland.lu/de/sehen-erleben/natur-sport-freizeit/radfahren/thematische-fahrradwege. Deemnächst wäert och zu dësem Projet eng Broschür erauskommen.

Dëse Projet vum Syndikat Kanton Réiden gouf zesumme mat der Maison de l'Eau ausgeschafft. Ee ganz grousse Merci geet un all déi Persounen, déi eis gehollef hu Fotoen ze sammelen an d'Texter ze verbesseren: Angie Adam, Isabelle Bernard, Arthur Bour, Georges Calteux, Jean Ferber, Romain Gaspar, Tun Glaesener, Georges Majerus, Jean Nehrenhausen, Antoinette a Jean Ney, Marco Pavani, Fernand Pletschette, Josée Ruppert, Jemp Schuster, Claude Steichen an all di Privatpersounen, déi eis hier Fotoen uvertraut hunn. Villmools Merci och un d'Millen asbl, Schifermusée vu Maartel, Syndikat Ueschdref-Bilschdref, Viichter a Mäerzeger Geschichtsfrënn, Jhangelisfrënn, Frënn vun der Atertlinn, Nationalbibliothéik, Tourist-Info vun Useldeng, ORT Guttland, all d'Gemengen, der Naturverwaltung an d'Ponts et Chaussées fir hier Hëllef an Ënnerstëtzung. Den Tourismus-Ministère ënnerstëtzt dëse Projet mat engem generéise Subsid vu 50%. De Syndikat vum Kanton Réiden bedankt sech och ganz häerzlech heifir.

An elo, bleift eis Iech nëmmen nach eng spannend Zäitrees duerch de Wëlle Westen ze wënschen! Hoffentlech fannt Dir de Wee rëm zréck an d'Joer 2021!

# SAFARI AM WËLLE WESTEN




## 20 kuerz a kannerfrëndlech Trëppeltier an de Gemenge vum Kanton Réiden & Mäerzeg.

Eise Wëlle Westen huet eng ganz Rei wonnerschéin a verbuergen Ecker ze bidden, déi Dir, zesumme mat äre Kanner, entdecke kënnt. Dës 20 Trëppeltier, verspreet an all eise Gemengen - Mäerzeg abegraff - sinn esou opgebaut, datt di allermeescht nitt méi laang wéi 5 km sinn. Mir maachen eng Wett mat Iech, datt dir Paff wäert sinn, wéi flott et bei eis ass, a wéi vill et hei ze gesinn an ze léiere gëtt op Plazen, déi nitt onbedéngt iwwert déi klassesch Wanderweeër ze fanne sinn. Huelt är Been an de Grapp a maacht Iech prett fir cool Safarien am Wëlle Westen!

Stéchwuert „Léieren“: fir d’Wanderlust an d’Léift zur Natur vun eise jéngste Matbierger ze fërderen, sinn op all Safari 4 Hiweiser verstoppt, déi eis de Numm vun engem wëlle Mamendéier verroden, dat an eiser Regioun heemesch ass. Eis Kanner mussen sech un enger Kaart & Fotoe mat Feiler orientéieren, déi des Safari zu enger héich abenteuerlecher Missioun maachen. Iwwert dee Wee hu si nitt nëmme Spaass an Action, mee och Dir hutt d’Méiglechkeet fir mat hinnen zesumme faszinéierend Fakten iwwert eis Mamendéiere kennenzeléieren. Déi 4 Hiweiser musse vun de Kanner an hiert Safari-Bichelchen ofgemoolt ginn. Wa gewosst ass, ëm wéi en Déier et sech handelt, da muss och de Numm an d’Bichelchen agedroe ginn. Huet een der mindestens 15 vun 20 fonnt, da kann een déi läscht Säit un den TouristInfo Atert Wark schécken an eis kleng Abenteurer kréien ee Safari-Survivor-Diplom heemgeschéckt. E klengen Tipp: um Site www.klima.lu/safari vum Kanton Réiden kann een 20 Déirekaarte vun der ANF eroflueden, déi engem hëllefen, déi Hiweiser besser z’erkennen an z’interpretéieren.

Schnaapt Iech ee vun eise gratis a limitéierte Bichelcher Safari am Wëlle Westen, wou all d’Informatiounen drastinn, fir sech op dës Aventuren an eise Bëscher ze preparéieren an och erëmzefannen. Se sinn Enn Juli ze kréien an enger vun den 11 Gemengen (Kanton Réiden + Mäerzeg) an am TouristInfo Atert Wark. Déi eenzel Kaarte mat Erklärungen zum Wee sinn a Form vun Downloads ze fannen op www.klima.lu/safari.

Mir wënschen Iech vill spannend Entdeckungstouren an eisem Wëlle Westen a bieden Iech, léif Elteren, derfir ze suergen, datt sämtlech Hiweiser och nees zréck op hir Plaz „verstoppt“ ginn. Nëmme wa jidderee fair matspillt, kann och jiddereen dervu profitéieren.

Dëse Projet vum Syndikat Kanton Réiden gouf zesumme mat der ANF, dem Schifermusée vu Maartel, de Biekerecher Millepätteren, dem regionale Bureau vun Natura2000 an der Tourist-Info vun Useldeng ausgeschafft. Mir soen dëse Partner villmools Merci hier gutt Zesummenaarbecht. Och de Besëtzer, déi eis duerch hier Bëscher trëppele loossen, wëlle mir hei ee grousse Merci ausdrécken.

**Méi Infoen op www.klima.lu/safari**

KANTON RÉIDEN
VISIT ATERT WARK

**Syndicat Intercommunal Kanton Réiden**
Maison Worré
11, Grand-Rue
L-8510 Redange/Attert
T 28 33 40 40
caroline.schmit@kanton-reiden.lu
www.kanton-reiden.lu






Gewässervertrag Attert / Contrat de Rivière Attert

# LIESEN ASS GESOND

## *LIRE EST BON POUR LA SANTÉ*

Och de Kropemann huet d'Bibliothéik vum Waasserhaus entdeckt an war an eise Bicher versonk.

### Eis Bibliothéik

Dir kënnt bei eis Bicher zu folgenden Themen ausléinen oder op der Platz consultéieren:


- Reewaassernotzung
- Uleeën vu Naturgäert
- Uleeën vu Weieren am Gaart
- Dachbegréngung
- Waasserexperimenter
- Spiller an Aktivitiéiten fir Kanner
- Bestëmmung vun aquatescher Flora a Fauna
- Den Afloss vum Waasser op eis Gesondheet


*Même le Kropemann a découvert la bibliothèque de la Maison de l'Eau et s'est plongé dans nos livres.*


### *Notre bibliothèque*

*Vous pouvez emprunter chez nous des livres sur les thèmes suivants ou bien les consulter sur place:*

- *L'utilisation de l'eau de pluie*
- *Aménagement de jardins naturels*
- *Aménagement d'étangs dans le jardin*
- *Végétalisation des toitures*
- *Expérimentations sur l'eau*
- *Jeux et activités pour enfants*
- *Détermination de la flore et de la faune aquatique*
- *L'influence de l'eau sur notre santé*




## Wie gieße ich sinnvoll im Gemüsegarten?

„Auf den richtigen Zeitpunkt kommt es an. Gießen Sie am Besten in der Früh. Der Boden ist vom Morgentau noch feucht und nimmt das Giesswasser gut auf. Es kann in tiefere Regionen sickern, statt gleich zu verdunsten. Gießen Sie niemals zu Mittag, um das Verbrennen der Pflanzen zu verhindern. Auch der Abend ist als Gießzeitpunkt suboptimal, da dadurch unnötig Nacktschnecken angelockt werden.

Und wie wird am besten gegossen? Durch punktuelles, gezieltes, händisches und nur seltenes Gießen werden die Pflanzen dazu erzogen, möglichst tief zu wurzeln. Das macht Gemüsepflanzen wasserautarker und hitzerobuster."

*Paula Polak (2018):*
*Handbuch Wasser im Garten.*
*Wasser sparen, nachhaltig nutzen,*
*Teiche und Biotope planen und anlegen.*
*Löwenzahn Studienverlag*

## Das verborgene Leben des Wassers

„Von Kindheit an haben wir gelernt, dass es drei Aggregatzustände von Wasser gebe: fest, flüssig und gasförmig. Jetzt haben wir etwas herausgefunden, was sich als ein vierter Zustand beschreiben lässt: flüssig-kristallin. Es gleicht in etwa der Konsistenz von rohem Eiweiss.

Es gibt also vier Aggregatszustände von Wasser, nicht drei. Dieser vierte Zustand kann Energie speichern, die auf vielfältige Weise genutzt werden kann."

*Gerald H. Pollack (2020):*
*Wasser, viel mehr als* $H_2O$
*VAK Verlags Gmbh*

## *Les minéraux de l'eau sont-ils bien absorbés?*

*„Oui. Plusieurs études ont montré que leur biodisponibilité était bonne. Qu'il s'agisse d'eau du robinet, d'eau de source ou d'eau minérale, les minéraux majeurs apportés par l'eau sont le calcium et le magnésium.*

*On sait que le calcium fourni par l'eau minérale est absorbé autour de 30%. Il est mieux absorbé et mieux retenu si l'eau est bue accompagnée de glucides lents (céréales, pommes de terre, légumineuses…)."*

Anne Marie (2002):
L'eau et votre santé
101 questions sur l'eau
Editions Ambre 2002

**Maison de l'Eau de l'Attert a.s.b.l.** 43, Grand-Rue L-8510 Redange T 26 62 08 08 maison.eau@attert.com www.attert.com




MARCEL BARROS


# Conseil en énergie gratuit
## pour les citoyens du canton de Redange

**Pour tous les renseignements concernant vos rénovations et nouvelles constructions:**

- Subsides communaux et étatiques
- Économies d'énergies
- Énergies renouvelables (chauffage, sanitaire, électricité)
- Matériaux d'insolation écologiques
- Problèmes d'humidité et de moisissure
- Mobilité durable



Appelez notre

INFOLINE
28 33 44
info@energieatelier.lu

energie atelier

INFO STUFF

KANTON REIDEN

infopoint myenergy

Find us on

ENERGIEATELIER
VOTRE POINT INFO POUR TOUTES VOS QUESTIONS SUR L'ÉNERGIE
43, Grand-Rue - L-8510 Redange/Attert
www.energieatelier.lu

# GRATIS ENERGIEBERODUNG FIR D'BIERGER AUS DEM KANTON RÉIDEN

Säit 1997 ass de Réidener Energieatelier är Berodungsplaz fir all är Froen zu Theme ronderëm Energie an Nohaltegkeet.

## News aus dem ENERGIEATELIER

Nodeems de Marc Staus e neien Défi als Techniker an der Gemeng Säll ugeholl hat, huet de Stéphane Devillet, dee wärend 2 Joer mam Marc zesummen d'Energieberodungen duerchgefouert huet, de Volet Klimapakt am Kanton Réiden iwwerholl, dat zanter Abrëll 2021. Nei an der Ekipp ass de Marcel Barros, deen elo fir Iech d'Energieberodungen mécht an Iech Riet an Äntwert steet zu folgenden Themen:

- **Energie spueren an erneierbar Energien (Sonn, Holz, Wand, Waasser a Geothermie)**
- **Gesond a nohalteg bauen a renovéieren, de Choix vum richtege Material**
- **Berodung zu Fiichtegkeet a Schimmel**
- **Staatlech a kommunal Subside fir Sanéierung, Neibau an erneierbar Energien**

Dofir zéckt net fir Iech bei eis ze melle fir är Gratis Berodung! Oder kommt gäre laanscht. Mir sinn Dir zu Réiden an der Groussgaass op der Nummer 43.

**Infoline 28 33 44**

energie atelier

INFO STUFF

**Réidener Energieatelier a.s.b.l.** 43, Grand-Rue L-8510 Redange/Attert T 28 33 44 info@energieatelier.lu www.energieatelier.lu




myenergy
Partenaire pour une transition énergétique durable

LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Énergie et de l'Aménagement du territoire

LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat et du Développement durable

LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère du Logement

KANTON RÉIDEN

energie atelier

# Et si, en plus d'être une source d'énergie, le soleil ...



# ... était une source de revenu.

**En 2019 le Luxembourg comptait environ 1700 heures d'ensoleillement, soit une moyenne de près de 5 heures par jour ! Largement suffisant pour envisager l'installation de panneaux photovoltaïques.**

Le soleil brille tout le temps. En tout cas, il rayonne pour ceux qui veulent équiper leur toiture de panneaux photovoltaïques. Les mesures en place incitent largement à franchir le pas. Avant même de se lancer dans la planification d'un chantier, tout un chacun a la possibilité de consulter le cadastre solaire via **energie.geoportail.lu**.

Tapez l'adresse de l'objet dont il s'agit dans le champ de recherche et l'application visualise instantanément l'endroit. Les différentes couches à gauche de l'écran vous renseignent sur le potentiel solaire, l'aptitude du bâtiment à recevoir une installation solaire ainsi que le tarif d'injection.

Vous apprenez dans quelle mesure votre toit est adapté pour l'installation de panneaux solaires. Le potentiel énergétique de votre installation photovoltaïque vous est communiqué et vous avez une première estimation de la rentabilité financière du projet. Une analyse de l'ensoleillement, répartie sur 3 dates de l'année précédente, est fournie en complément d'information.

En ayant ces éléments en main, vous pouvez consulter le professionnel de votre choix.

Vous voulez connaître les aides octroyées ? Rendez-vous sur **cleversolar.lu**. Vous y trouverez des indications quant aux tarifs d'injection applicables. Par le biais du programme de relance Neistart Lëtzebuerg, ces tarifs sont encore plus intéressants. Cela vaut la peine de se pencher sur le sujet, ou du moins de regarder son toit sous un autre angle.

Votre conseiller est évidemment à vos côtés pour vous guider et vous assister dans vos démarches.

**Conseil neutre et gratuit**

energieatelier.lu

28 33 44

Co-funded by the European Union

myenergy Luxembourg

LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Énergie et de l'Aménagement du territoire

LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat et du Développement durable

LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère du Logement

# DE FUEDEM DEEN EIS VERBËNNT!



# Näischt geet verluer, ma alles verännert sech!

**Wéi kann ee Kleeder a Stoff, deen an de Vergiess geroden ass, e neit Liewe schenken?**

Andeems een Upcycling mécht, dat heescht Textilien a Géigestänn, déi een net méi brauch, nees revaloriséiert. Et gëtt no „uewen" (up) recycléiert, andeems ee Géigestänn kreéiert, deenen hir Qualitéit méi héich ass, wéi déi vun der ursprénglecher Saach. Dowéinst gi vum September 2021 un am Manukultura Upcycling Bitzatelieren organiséiert.

**Wat gëtt an dësen Atelieren ugebueden?**

Et léiert een d'Grondkenntnisser vum Bitzen oder et kann ee sech perfektionéieren. Erfarunge ginn am Atelier ausgetosch an och d'Wësse gedeelt. Donieft léiert een och d'Knäppe vu Liene mat Mënschen aus alle Milieue an et fillt ee sech gebraucht, well een dozou bäidréit, ee gemeinsaamt Wierk ze erschafe wat der Gesellschaft déngt. Jo, well all Wierk wat hei entsteet déngt engem Projet vun der Gemeng Useldeng. E Beispill? Et ginn zum Beispill Teppecher fir Bëbeeë realiséiert, déi dann uschléissend am Centre Cuturel an den Asaz kommen.

**Firwat benotze mer gebrauchten Textilien?**

Mir hunn an eise Schief eng Hellewull un alen Textilien a Kleeder. T'ass gewosst, datt d'Moud eis anscheinend dreemen deet, datt s'eis Freed bréngt… awer leider och Leed. D'Fashionindustrie hannerléisst e katastrophalen Impakt op d'Ëmwelt an op d'Mënschen déi fir si schaffen. Fir dem entgéintzewierke benotze mir keen neit Material mee gebrauchten Textilien.

**Wéi kann ech bei dësem Atelier matmaachen?**

Fir beim Atelier matzemaachen, muss een sech just op info@amusee.net umellen. Opgepasst, d'Unzuel un de Plazen ass limitéiert. Fir d'Aschreiwung ass och erwënscht fir op mannst un dräi Atelieren deelzehuelen.

**Wéini sinn d'Atelieren a wat kascht et?**

D'Ateliere si gratis, fir jiddereen zougänglech, a fanne statt am Manukultura KreativAtelier ab September all éischte Mëttwoch vum Mount vu 14:30 bis 16:30.

# *Rien ne se perd, tout se transforme!*

***Comment redonner vie à des vêtements et matières destinés à l'oubli?***

*En pratiquant l'Upcycling, c'est-à-dire en récupérant des matériaux ou des produits dont on n'a plus l'usage afin de les revaloriser. On recycle donc „par le haut" (up), en produisant des objets dont la qualité est supérieure au matériau d'origine.*

*Justement, des ateliers de couture upcycling vont être organisés à partir de septembre 2021, chez Manukultura.*

***Que fait-on dans cet atelier?***

*On découvre les bases de la couture ou on se perfectionne, on échange nos connaissances, on partage nos savoir-faire. On apprend tout en créant du lien avec des personnes de tous milieux et on se sent utile car on contribue ensemble à créer une œuvre collective qui servira à la communauté.*

*En effet, les projets réalisés dans le cadre de cet atelier sont citoyens. Chaque réalisation est destinée à un but précis pour un projet communal. Un exemple? Confectionner des tapis de sol pour les bébés dans un centre culturel.*

***Pourquoi utiliser des textiles existants?***

*On a tous dans nos armoires de vieux textiles, de vieux vêtements. En effet, la mode ça fait rêver, c'est beau, c'est fun … mais il y a aussi l'envers du décor, c'est-à-dire, son impact catastrophique sur l'environnement et sur la vie humaine. Alors au lieu d'utiliser des nouvelles matières, utilisons nos textiles existants.*

***Comment participer à cet atelier?***

*Pour participer à l'atelier, il suffit de s'inscrire auprès de info@amusee.net. Attention, le nombre de place est limité.*

*Lors de l'inscription, il est demandé au participant de s'inscrire au moins pour trois ateliers.*

***Quand se dérouleront les ateliers?***

*Les ateliers gratuits et accessible à tout le monde se dérouleront tous les premiers mercredis à partir de septembre de 14h30 à 16h30.*

**Dat si folgenden Datumer:**
***Les dates des ateliers sont les suivantes:***

**2021**

1. September / *1er septembre*
6. Oktober / *6 octobre*
2. November / *2 novembre*
1. Dezember / *1er décembre*

**2022**

5. Januar / *5 janvier*
2. Februar / *2 février*
2. Mäerz / *2 mars*
6. Abrëll / *6 avril*
4. Mee / *4 mai*
1. Juni / *1er juin*
6. Juli / *6 juillet*

**Info & Inscription:**
***Info & inscriptions:***
**info@amusee.net**

Fir d'Sécherheet vu jidderengem ze garantéieren, hale mir eis u streng Sécherheets- an Hygienesmoossnamen. Mir weisen Iech drop hin, dass d'Droe vun enger Mask wärend de Coursen obligatoresch ass, a jiddereen seng eege Mask muss matbréngen.

*Afin de garantir la sécurité de tous, nous respectons les mesures strictes de sécurité et d'hygiène. Nous vous rappelons que le port du masque pendant les cours est obligatoire et que chacun doit apporter son propre masque.*

Dese Projet gett vu LEADER Atert-Wark ennerstëtzt am Rahmen vum Umbrella-Projet „Sozialwierkstat".

*Ce projet est soutenu par LEADER Atert-Wark dans le cadre du projet Umbrella „Sozialwierkstat".*

**A'MUSÉE**
1, Am Millenhaff
L-8706 Useldange
T 691 85 45 04
info@amusee.net
www.musee.net

# #MERTZIG4ALL
# NEI SCHOULENTWÉCKLUNG ZU MÄERZEG



De Mäerzeger Schäffen- a Gemengerot huet sech zënter dem Ufank vun hirem Mandat vill virgeholl. Eng vun den Haaptprioritéite war d'Schoul an d'Maison Relais kannergerecht ze gestalten. D'schoulesch Infrastrukture sollten zesumme mat all de Schoulpartner – Enseignante, Educateure, Elteren – iwwerduecht ginn fir ee méi motivéierend, gesond an altersgerecht Ëmfeld ze bidden. An dëser Optik sollte bei Renovatiouns- oder Neibauprojeten d'Qualitéit an d'Funktionalitéit vun den Infrastrukturen, banne wéi baussen, konsequent verbessert ginn.

No engem laange Prozess wou all d'Acteuren agebonn waren ass elo de 24. Juni 2021 déi éischt Phas vun dësem usprochsvolle Projet vum Gemengerot gestëmmt ginn. An deene kommende Jore solle Schrëtt fir Schrëtt d'Gebaier vun der Schoul an der Maison Relais erneiert ginn. Am Kader vun engem „Projet intégré" hunn dobäi béid Equippen sech dozou engagéiert, fir am Interessi vun de Kanner méi enk zesummenzeschaffen. Dës Collaboratioun wäert sech och an der Opdeelung vun de Gebaier erëmspigelen, wou d'Gemeng Mäerzeg nei Weeër wäert goen. Pedagogik an Architektur solle sech verbannen fir dass Schoulentwécklung geléngt. Zesumme mam Architektebüro Jonas gouf d'Konzept vu „LernLandschaft" iwwerholl an a sëllege Workshops tëscht all de Schoulpartner mat de Vertrieder aus dem Schäffen- a Gemengerot ausgeschafft.

An der Entwécklung vun dësem Projet wou och en Aarbechtsgrupp zum Dagesoflaf vum Kand e neie Schoulhoraire ausgeschafft hat, huet den Educatiounsministère der Gemeng an de Schoulpartner rezent seng Ënnerstëtzung verséchert fir d'Schoul an d'Maison Relais méi enk beieneen ze réckelen. Fir de Ministère ass de Projet zu Mäerzeg ambitiéis an innovativ vun deem aner Schoulen am Land sech och inspiréiere kënnen.

Fir d'Gemengeresponsabel war et wichteg e Gesamtkonzept auszeschaffen am Sënn vun enger Moderniséierung vun den Infrastrukture fir déi nächst Generatiounen. An der éischter Phas entsteet elo fir d'éischt e Gebai am Duerfkär zu der Haaptstrooss wou een Deel vum Raumfunktiounsbuch vu „LernLandSchaft" ëmgesat gëtt: ganz ënnen entsteet eng nei Produktiounskichen, mat enger pedagogescher Kichen, a ronderëm fannen d'Schoulkanner Plaz am neie Schoulrestaurant. D'Stäck driwwer bilden de Kär vun der neier Schoul: fir all Cycle (1 bis 4) ass e Stack reservéiert. Pro Cycle si 6 Klassesäll virgesi mat enger grousser Fläch an der Mëtt, d'„Maartplaz". Op dëser Plaz soll de Kanner, ausserhalb vum Klassesall, d'Méiglechkeet gi ginn fir ënnerschiddlech Aktivitéiten auszeüben am Kader vun der formaler wéi non-formaler Bildung. Et gëtt wuel e grousst Gebai, wou ee vun den Haaptuleies awer war eng Gläichbehandlung tëscht all de Cyclen hierzestellen. Déi nei Kichen erkläert sech doduerch dass déi aktuell Kichen am „Centre Turelbaach" nees de Veräiner a Bierger zur Verfügung stoe soll fir all méiglech Aktivitéiten a Fester.

Déi zweet Phas vum Gesamtkonzept ass eng nei Sportshal déi parallel zu den aktuelle Sportinfrastrukture soll entstoe mat engem Iwwergang iwwert d'„Turelbaach" fir béid Siten optimal ze verbannen. D'Viraussetzung fir dëse Projet ass d'Fäerdegstelle vum neie generelle Bebauungsplang (PAG) vun der Gemeng deen zënter Mäerz 2020 an der Prozedur ass an am Prinzip dësen Hierscht ofgeschloss ka gi mam „Vote définitif" vum Gemengerot.

Schlussendlech ass déi drëtt Phas vun dësem Konzept e Gebai wat déi éischt zwou Phase verbënnt: d'Schafe vu weidere Funktiounsraim fir d'Maison Relais an och enger separater Struktur fir de Précoce, ganz wéi d'Raumfunktiounsbuch et virgesäit. Bei der Realisatioun vun dëser Phas géifen dann awer och déi aktuell Sportshal an den eelsten Deel vun der Schoul ofgerappt gi fir eng komplett Sanéierung a Moderniséierung vun all de Leitungen ze erméiglechen, och am Kader vun der energieteschnescher Evolutioun. Dës Phas ass awer sécher Zukunftsmusek well se vun der finanzieller Entwécklung vun der Gemeng an de nächste Joren ofhänkt. Wichteg ass awer: de Plang steet, a jidderee freet sech op déi nei „Dramschoul"! Am Abrëll 2022 soll de Chantier ufänken fir am September 2024 ofgeschloss ze ginn.

GEMENG MÄERZEG
Mäerzeger Schoul
KlimaPakt
L'ÉCONOMIE POUR LE BIEN COMMUN

**Gemeng Mäerzeg**
22, rue Principale
L-9168 Mertzig
T 83 82 44-1
commune@mertzig.lu
www.mertzig.lu



SAVE THE DATE
SONNDEG, DE 19. SEPTEMBER 2021
10.00 BIS 18.00 AUER

# #bikeall

## Alles op de Vëlo am Waarkdall

### Europäesch Mobilitéitswoch & Tour du Duerf



GEMENG MÄERZEG

Gemeng **Feelen**


GROUSSBUS

# #BIKE4ALL
## ALLES OP DE VËLO AM WAARKDALL!
### EUROPÄESCH MOBILITÉITSWOCH & TOUR DU DUERF

**SAVE THE DATE**
**SONNDEG, DE 19. SEPTEMBER 2021**
**10.00 BIS 18.00 AUER**

D'Gemenge Feelen, Mäerzeg a Groussbus, a Kooperatioun mat de Gemengekommissiounen an de Veräiner, organiséieren de Sonndeg, 19. September 2021 am Kader vun der europäescher Mobilitéitswoch an dem „Tour du Duerf“ déi 3. Editioun vum autofräien Dag mam Fokus op de Vëlo.

**All d'Infos op www.bike4all.lu**





GEMENG MÄERZEG
Gemeng Feelen
GROUSSBUS
Klima-Bündnis
KlimaPakt
FAIRTRADE
TOUR DU DUERF

www.bike4all.lu

# JOURNÉE DE RANDONNÉE CYCLISTE À GROSBOUS, MERTZIG ET FEULEN

## 19 SEPTEMBRE 2021

### ROUTE BARRÉE POUR LA CIRCULATION ENTRE 10H00 ET 18H00



19.07 - 08.08

# OH MENG MODI

## OP DER SICH NOM JOSEFIN

### EE QUIZ-RALLYE FIR ERWUESSENER



**UMELDUNG:** INFO@VISITATERTWARK.LU

D'Rumeure behaapten, d'Josefin wier net erdronk! Mee wat ass aus him ginn? Wou ass et? Ass et nach ënnert eis? Vu que dass säi Papp, de Bauer Péitche Lauer, sech elo een Numm mat deem neien Hotel gemaach huet, ass et un der Zäit déi ganz Affär erëm opzegräifen

Un der Atert ass ee Bichelche fonnt ginn, dat drop hiweist dass et dem Josefin säin Tagebuch ass. Mir brauchen **Är Hëllef** fir dëse Mystère opzeklären!
Dir hutt Zäit vum 19.07 - 08.08 den Indizien nozegoen,
Méi Infos kritt Dir bei der Umeldung.

**PRÄISSER:**

IWWERNUECHTUNG & IESSEN FIR 2 PERSOUNEN AM PÉITCHE LAUER
VOL PANORAMIQUE
VISITT GUIDÉE FIR 10 PERSOUNEN
ABO RÉIDENER SCHWEMM

VISITATERTWARK

KANTON RÉIDEN

# UN DER ATERT

UN DER ATERT, NO BEIM WAASSER,
WOU DÉI GROUSSEG PËPPLE STINN,
WUNNT DE BAUER PÉITCHE LAUER
A SÄI MEEDCHEN D'JOSEFIN.

O MENG MODI, WAT E STODI,
VOLLER ZODI JOSEFIN,
ECH GESINN DECH, NACH E WÉINEG
AN DA GINN ECH JOSEFIN.

HIE WAR EMPEG, HAT WAR DËMPEG,
SOU ENG NUDDELSDAMPMASCHINN.
HIEN HAT DER NÉNG AN SENGEN HÄNDSCHEN,
DUERFIR ZÉNG HAT D'JOSEFIN.

EEMOL GOUNG ET, EEMOL STOUNG ET,
BEI DER BAACH EIST JOSEFIN.
AN DU RËTSCHT ET AN DU GLËTSCHT ET,
FLUPS AN D'BAACH, EIST JOSEFIN.

ET HUET GETUDDELT, ET HUET GESPRUDDELT,
AN DER BAACH EIST JOSEFIN.
WELL ECH AWER D'WAASSER SCHEIEN,
LOOSSEN ECH LEIEN, D'JOSEFIN.

JEMPI WELTER (1945)



EXPERTISE COMPTABLE | COMPTABILITÉ & COMPTES ANNUELS | DÉCLARATIONS FISCALES & TVA POUR LES SOCIÉTÉS, LES INDÉPENDANTS & LES PERSONNES PRIVÉES LUXEMBOURGEOISES & BELGES | GESTION DES FICHES DE PAIE | COMMISSAIRE AUX COMPTES | CONSEILS FISCAUX | AIDE À LA CRÉATION DE SOCIÉTÉS | DOMICILIATION

Fiduciaire
TAX & AUDIT

Une fiduciaire à votre écoute

17, rue de Schandel | L-8715 Everlange | T +352 26 61 39 80 | M info@fidtax.lu

INTER TOITURE

LA TRADITION DU SUR-MESURE

32i, rue de Niederpallen . Z.A. Solupla . Redange/Attert . Tél.: 26 88 00 90 . info@intertoiture.lu . www.intertoiture.lu

ENERGIE FIR D'ZUKUNFT+

MADE IN LUXEMBOURG

MAISONS ÉCOLOGIQUES EN BOIS . CHARPENTE . FERBLANTERIE . COUVERTURE . ISOLATION THERMIQUE . RÉPARATIONS DE TOUS GENRES




**PROLONGATION**

# PRIME POUR CYCLES NEUFS, VÉLOS ENFANTS COMPRIS

**JUSQU'À 600 €**

À L'ACHAT D'UN NOUVEAU VÉLO / PEDELEC25

Plus d'informations et conditions :

**www.clever-primes.lu**

myenergy
**8002 11 90**

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable

# AGENDA

**OPGEPASST!**
De Programm passt sech de Restriktiounen am Kontext vun der Covid-19 Pandemie un.
Informéiert Iech w.e.g ëmmer am Virfeld bei de betraffenen Organisatiounen.

## AUGUST

2.08
16h-17h
ManuKultura Useldeng
Sall Cabaret

### Bëbeemassagen fir Puppelcher vun 0-6 Méint

Mam Lynn Thiel-Wassnich
Participatioun: 30 € / Persoun
Aschreiwung: T 661 970 212

---

5.08
13h30-17h30
ManuKultura Useldeng
KreativAtelier

### Mol-Atelier fir déi ganz Famill

Mam Claudine Maillet
Participatioun ink. Faarwen: 125 € pro Famill
Aschreiwung: T 691 191 068

---

12.08
14h00 - 16h30
ManuKultura Useldeng
KreativAtelier

### Mol-Atelier fir Kanner a Jugendlecher

Mam Claudine Maillet
Participatioun ink. Material: 15 € pro Kand
Aschreiwung: T 691 191 068

---

21 & 22.08
9h30 - 17h00
ManuKultura Useldeng
KreativAtelier

### Molen um Weekend

Mam Claudine Maillet
Participatioun: 100 €
Aschreiwung: T 691 191 068

---

28.08
10h-13h
ManuKultura Useldeng
Sall Cabaret

### reAction + een Theater-workshop fir Fortgeschrattener ab 18 Joer

Mam Laetitia Lang
Participatioun: 35 € / Cours
Aschreiwung: T +49 660 841 1983

## SEPTEMBER

1.09
10h-12h30 / 13h-18h
ManuKultura Useldeng
KreativAtelier

### De Fuedem deen eis verbënnt

Mam Shirley vun A'Musée
Gratis upcycling Atelier fir jiddereen
Aschreiwung info@amusee.net

---

4.09
10h-13h
ManuKultura Useldeng
Sall Cabaret

### reAction + een Theater-workshop fir Fortgeschrattener

Mam Laetitia Lang
Participatioun: 35 € / Cours
Aschreiwung: T +49 660 841 1983

---

4.09
10h-12h30 / 13h-18h00
ManuKultura Useldeng
KreativAtelier

### Art Connected

Avec Monique Voz. Pour adultes et jeunes àpd 12 ans. Max. 9 participants.
Le stage est donné en français et anglais.
70 € par cours.
Inscription: manukultura@useldeng.lu
T 23 63 00 51 29

---

6, 7, 8, 9 & 10.09
9h-16h
ManuKultura Useldeng
Sall Cabaret

### Theatersommerwoche Momo fir Kanner (8-12 Joer)

Mam Laetitia Lang & Laura Zapata
Participatioun ink. Mëttigiessen: 350 € / Kand
Aschreiwung: T +49 660 841 1983

---

8.09
19h30-21h
ManuKultura Useldeng
Sall Cabaret / Zoom

### Virtrag: Keng Angscht virum Tréinen – wat Puppelcher mam Kräischen ons soe wëllen

Mam Viviane Kieffer-Schmit
Participatioun: gratis
Aschreiwung: T 691 720 603

---

18.09-03.10
14h-18h
Moulin de Beckerich
Millegalerie

### La Millegalerie fête ses 10 ans!

Plus d'une vingtaines d'artistes présenteront des œuvres reprenant des techniques très variées. Peintures, gravures, photographies, sculptures, installations,...
vont se côtoyer pour cette exposition particulière.
Accessible du jeudi au dimanche de 14h à 18h ou sur rendez-vous
Entrée libre
T 621 25 29 79
www.facebook.com/millegalerie

---

Schiefermusée
Haut-Martelange
15.07-15.09

Fir am Summer hu mir rem vill verschidden Aktivitéiten. Mir hun e Summerprogramm deen sech tescht dem 15.07 an dem 15.09.2021 all Woch widderhëllt:

Dënschdes

14h-16h
**Schuppi's Family Tour**

---

Mëttwochs

10h-15h
**Schuppi's Family DAY**
Komplett Féierung am Musée mat Mëttegiessen, Leeëppertdemo a Gravur op Schifer

15h-17h30
**Visite Guidée classique**

---

Donneschdes

14h-16h30
**Workshop Dots.Ardoise**

---

Freides

10h-12h
**Schuppi's Family Tour**

14h30-16h30
**Workshop Airbrush**
via Visit Guttland

---

Samschdes


10h-12h
**Schuppi's Family Tour**

---

All leschte Sonndeg am Mount

**Frënn vun der Lee**

All leschte Sonndeg am Mount ass dann nach de Sonndeg vun de Frënn vun der Lee, d.h. sie iwwerhuelen de Bopebistro mat hausgemaachte Kuchen an Iessen a sinn natierlech och do fir déi schéinsten Anedokten ze erzielen an ze poteren.
Reservatioun obligatoresch fir Visite Guidée


PENSEZ À FAIRE NETTOYER ET INSPECTER VOS CHEMINÉES AVANT L'HIVER!
Vous éviterez les feux de cheminée et les intoxications aux gaz de combustion.
Cheminées • Poêles à bois et à pellets • Ramonage • Tubage
Walux
Bioenergy
1 Arelerstrooss - L-8523 Beckerich
Tél: +352 26 62 14 08 - info@walux.lu
FERMETURE DU 31.07 AU 22.08.2021
www.walux.lu



baucenter
depuis 1895
Glaesener-Betz
Redange/Attert & Contern
www.glaesener-betz.lu • ✆ 23 64 64
TOUT POUR VOS ALENTOURS
MURET • BORDURE • GABIONS • BOIS • ACIER CORTEN • PIERRE NATURELLE
MURS SECS • BAC POTAGER • REVÊTEMENT BÉTON • MUR EN L • PALISSADE
HEURES D'OUVERTURE À REDANGE/ATTERT: LUNDI-VENDREDI: 8H-12H & 13H-18H - SAMEDI: 8H-12H


NERDEN
CONSTRUCTIONS
NC
www.nerdenc.lu
Tél.: 26 62 12-58
Constructions • Chapes • Carrelages
Facades • Plafonnages


GARAGE NEU
RÉPARATION & ENTRETIEN TOUTES MARQUES
5, am Eck - L-8715 Everlange
garageneu@pt.lu
+352 28 99 16 85
+352 621 28 86 32
RÉVISION
ENTRETIEN
RÉPARATION
CLIMATISATION
PNEUS + JANTES
STOCKAGE ROUES
CONTRÔLE TECHNIQUE
RÉPARATION PARE-BRISE
Heures d'ouverture:
Lundi-Vendredi 8h30-12h00 13h00-18h00
Samedi-Dimanche fermé
UNIQUEMENT SUR R.D.V.
www.garageneu.lu
NOUVEAU ATELIER


FIR EIS ÉQUIPEN AN DER COMPTABILITÉIT A FISCALITÉIT ZE STÄERKEN, SICHE MIR :
2 qualifizéiert Comptablen/Fiscalisten (m/w)
Voll- oder Halleftâche
Dir hutt déi entspriechend Formatioun an eng zolitt Erfahrung
Dir sidd engagéiert a sidd mat Freed un der Aarbecht
Dir hutt gären de Kontakt mam Client, hutt Gedold a Matgefill
Dir schafft gären an enger klenger, kompetenter an dynamescher Équipe
Dir wëllt kee Stau um Wee fir op d'Aarbecht an e Parking virun der Dir
Dir schwätzt a schreift Lëtzebuergesch, Franséisch an Däitsch
Une fiabilité à toute épreuve
Dir sidd interesséiert a wëllt eis kenne léieren? Da schreift eis mat Curriculum Vitae a Photo op 14, Haaptstrooss L-8720 Rippweiler.
Mir stinn fi r e gudden Ausgläich tëschent dem professionellen a privaten Liewen an bezuelen entspriechend Ärem Asaz.
fi
Fiduciaire interrégionale s.a.
fiduciaire comptable
14, Haaptstrooss
L-8720 Rippweiler
t + 352 23 62 33-1
f + 352 23 62 33-29
fiin@pt.lu
fiduciaire-interregionale.lu


N
GESONDBAUEN.lu
Nerden & Fils sàrl
Entreprise de construction
Beckerich Tél. 23 62 14 93 www.gesondbauen.lu
Habitations I Bâtiments commerciaux I Façades
Transformations I Aménagements extérieurs
Enduits traditionnels & argiles I Isolations écologiques
Chapes & Carrelages I Promotions immobilières
ClimEEC
ECO • EXPERT • CLUSTER


Like Life
Share Blood
1 don de sang peut sauver jusqu'à 3 vies.
1 Blutspende kann bis zu 3 Leben retten.
SPENDEN SIE BLUT
DONNEZ DU SANG
✆ 27 55-4000
www.facebook.com/crlux
www.croix-rouge.lu
croix-rouge luxembourgeoise
Mënschen hëllefen






## Wëllkomm beim Fabienne zu Ell an der Schnuffestuff

D'Fabienne Haupert ass e Muppegeck an huet bei sech Doheem zu Ell d'Schnuffestuff gegrënnt. Dat ass eng Wuelfilloase fir eis süss Schnuffe mat engem Muppesalon, enger Muppepensioun an enger Muppecrèche. Hei kritt een awer och hausmaacher Leckerlien an Accessoiren, wéi z.B. handgemaache Bernsteinketten, eng gesond Alternativ géint Zecken bei Hënn.

### Muppesalon

Hei sinn all Rasse Wëllkomm an ëmfaasst alles dat, wat dem Wuelbefannen an der Gesondheet vum Mupp zegutt kënnt. Hei gëtt och keen Hond géint säi Wëlle schikanéiert mee mat Respekt behandelt.

### Muppepensioun a Crèche

An der Schnuffestuff verbréngen är Hënn hier Zäit ouni Zwinger, dat heescht si bleiwen beim Fabienne an der Famill. Se profitéiere vu Spadséiergäng, zesummen oder individuell a profitéiere vum grousse Gaart. Och hei sinn all Rasse Wëllkomm. T'muss ee just mat Zäiten u sinn, well Plazen si limitéiert fir och aartgerecht op den Hond kënnen anzegoen.



### An der Schnuffestuff

Gaardestrooss 22 - L-8531 Ell
T +352 691 511 390
anderschnuffestuff@gmail.com
Ëffnungszäite Crèche:
Méindes-Freides vun 7h-19h
Muppesalon: Op RDV


## Ze gewannen:

**3 x Bong Pensioun***
(5, 3 an 2 Iwwernuechtungen)

**2 x Bong Salon**
(2 Stonnen)

**2 x Homemade Cookies**

* Sous réserve datt Plaze fräi sinn an de Mupp an d'Famill passt.




MUPPESALON
MUPPECRECHE
PENSIOUN
WUELFILLOASE
LECKERLIEN
BERNSTEINKETTEN
GESONDHEET
RESPEKT
SPADSÉIERGÄNG
AARTGERECHT

Le principe est simple: placez dans la grille chacun des mots repris dans la liste et découvrez le mot mystère. Quelques lettres sont déjà placées pour vous aider. Complétez le bon de participation en n'oubliant pas d'indiquer le mot mystère ainsi que vos coordonnées. Renvoyez le coupon de participation avant le 15 août 2021 par courrier. Les gagnants seront désignés par tirage au sort parmi la bonne réponse reçue et seront avertis par courrier. Le résultat sera publié dans l'édition de septembre.

## RESULTAT

**VUM MOT MYSTÈRE AUS DEM SYNERGIE 61**

**Linda Bartholomé**
Dellen

**Pierre Schwalen**
Ell

**Alain Weber**
Béiwen

**gewannen jeeweils 1 BBQ OUTR Kettle 57**

Walux Bioenergy

## MOT MYSTÈRE
COUPON-RÉPONSE

| | | | | | | | | | | | | |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|
| | | | | | F | | | T | | | F |

Nom & Prénom

Rue & numéro

Localité


Email

Tél.



SYNERGIE

**SYNERGIE**
p/a Art & Wise s.à r.l.
6, Jos Seylerstrooss
L-8522 Beckerich




En partenariat avec :

CHAMBRE DES METIERS Luxembourg

FEDERATION DES ARTISANS

OAI
ORDRE DES ARCHITECTES ET DES INGENIEURS-CONSEILS